

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 6. Dezember 2021

Här President,
esou wéi d'Chamberreglement et virgesäit (Artikel 84), bieden ech lech, dës dréngend parlamentaresch Fro un den Här Minister fir bannenzeg Sécherheet weiderzeleeden.

Am Kader vun der Demonstratioun géint d'Corona-Moosname vun der Lëtzebuenger Regierung ass et de Samschdeg, 4. Dezember, an der Stad zu Forme vu Protest komm, déi net méi als „friddlech“ kënne bezeechent ginn. Ënner anerem hunn Demonstrante sech virum Privathaus vun engem Politiker versammelt, eng Form vu Protest, déi och schonns an den Deeg virdrun ze bemierke war.

An deem Kontext hunn ech folgend Froen un den Här Minister:

- 1) Wéi ass et méiglech, datt d'Demonstrante vum 4. Dezember net dru gehënnert goufen, fir virun dem Här Staatsminister säi privat Haus ze goen? Ass den Här Minister net der Meenung, datt d'Erfarunge vun deene leschten Deeg d'Regierung op dee Risiko hätte missen opmierksam maachen?
- 2) Op de Videoe vun der Demonstratioun vum 4. Dezember gesäit een net vill Police. Woren d'Sécherheetsmossnamen adequat? Wore genuch Poliziste mobiliséiert? Wéi eng Léieren zitt den Här Minister aus deenen Tëschefäll bei der Demonstratioun?

Mat déiwem Respekt,



Fernand Kartheiser
Deputéierten